N°1718
Entrée le 03.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

D'Verdeedegungsministesch huet an der Äntwert op d'Fro n°1462 bestätegt, dass et eng Geschäftsbezéihung tëschent dem Lëtzebuerger Staat an der Satellitefirma *SpaceX* vum Multimilliardär Elon Musk gëtt. Lëtzebuerg setzt hei op d'Servicer vu SpaceX, fir d'Satelliten vum Satelliteprogramm LUXSEOSys an de Weltall ze schéissen.

An de vergaangene Méint huet de Besëtzer vu SpaceX an zukünftege Minister ënnert der Trump-Regierung sech immens an den däitsche Walkampf agemëscht, woubäi hien net zeréckschreckt, fir ëffentlech de Bundeskanzler oder den däitschen Bundespräsident Frank Walter Steinmeier ze beleidegen oder op der Plattform X (déi him iwwregens och gehéiert) Werbung fir d'AfD ze maachen mat eesäitege Kommentaren, ewéi "Only the afd can save Germany."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert d'Lëtzebuerger Regierung weiderhin op d'Firma SpaceX setzen an hei Milliounen bezuelen, wëssend, dass den Proprietär vun der Firma sech oppen an d'Walen vun europäesche Partnerstaaten amëscht an extrem Positiounen vertrëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten